N°3517
Entrée le 05.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Ufro n°3517, deposéiert vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement**

1. **Wat sinn déi genee Grënn, firwat den ursprénglech viséierten Datum vun 2025 fir d'Aféierung vum zéngjärege Pass net konnt agehale ginn?**

De Prozess vun der Konzipéierung an der Productioun vun engem neie Pass ass vu Natur aus laang a komplex. Hien erfuerdert d'Anhale vun de Reegelen vum ëffentleche Marché, d'Koordinatioun vu ville verschiddenen Acteuren an d'Integratioun vu fortgeschrattene Sécherheetstechnologien, déi internationalen Normen entspriechen an déi ëmmer weider evoluéieren. Well et wichteg ass fir eisen Bierger den beschten Produit mat den héchsten Sëcherheetsnormen unzebidden, kann et sinn dass déi éischt approximativ Datumsindicatioun, déi 2023 genannt ginn ass, an der Praxis no hannen réckelt.

2. **Wéi gesäit den aktuellen an detailléierten Zäitplang aus, a wéini kënne lëtzebuergesch Bierger konkret domat rechnen, Päss mat enger Validitéit vun zéng Joer unzefroen?**

Wann de ganzen Prozess bis fäerdeg ass wäert den Ausseminister dat virstellen.

3. **Op wéi eng spezifesch "nei Modalitéiten", un deenen de Ministère schafft, bezitt sech d'Ausso vum Porte-Parole, a wéi ënnerscheeden sech dës vun deenen ursprénglech geplangten Upassungen?**

Di nei Modalitéiten wäerten vum Ausseminister virgestallt ginn wann den uewen genannten Prozess bis fäerdeg ass**.**

4. **Besteet d'Problematik vun der limitéierter Garantie vun den elektronesche Komponenten (Chips), déi an der Vergaangenheet als Ursaach fir déi fënnefjäreg Lafzäit genannt gouf, nach ëmmer, oder gouf mëttlerweil eng technesch Léisung fonnt?**

Nee, déi nei elektronesch Komponenten (Chips) kënnen entretemps op eng Dauer vu méi wéi 5 Joer ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 5. Februar 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten

an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel